LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
23 JUIL. 2019

Luxembourg, le 23 juillet 2019

**Référence :** 82dx247e6

**Objet :** Question parlementaire n° 824 du 24 juin 2019 de Monsieur le Député Sven Clement – Psychothérapeutes

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n° 824 du 24 juin 2019 de Monsieur le Député Sven Clement concernant « *Psychothérapeutes* ».

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Romain SCHNEIDER
Ministre de la Sécurité sociale

**Annexe(s) :** Réponse à la question parlementaire n°824

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. (+352) 247-76320
Fax (+352) 247-86328
mss@mss.etat.lu
www.mss.public.lu
www.gouvernement.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

**Referenz :** 82dx1eb6b

**Objet :** **Äntwert vum Minister vir sozial Sëcherheet op d'parlementaresch Fro n° 824 vum 24. Juni 2019 vum Här Deputéierte Sven Clement iwwert d'Psychothérapeuten**

*1. Wat waren d'Haaptgrënn dofir, dass keen Accord tëscht der CNS an der Fapsylux konnt fonnt ginn?*

Ee vun den Haaptgrënn woufir keen Accord konnt fonnt ginn ass dat de Remboursement vun der Gesondheetskeess un eng Medezinesch Ordonnance gekoppelt ass. Den Artikel 23, Alinea 1 vum Code de la sécurité sociale gesäit nämlech fir:

*« Les prestations à charge de l'assurance maladie accordées à la suite des prescriptions et ordonnances médicales doivent correspondre au mieux à l'état de santé des assurés. Elles ne peuvent dépasser l'utile et le nécessaire et doivent être faites dans la plus stricte économie compatible avec l'efficacité du traitement et être conformes aux données acquises par la science et à la déontologie médicale. »*

Aner Diskussiounspunkte ginn iwwert de Prinzip vum Remboursement, dat heescht wéi eng Traitementer prezise solle rembourséiert ginn an iwwert Critèren a Limitte vun den Traitementer déi sollen iwwerhooll ginn.

*2. An der Äntwert ob d'parlamentaresch Fro Nummer 3858 vun den Mesdames Deputéierten Lorsché an Tanson aus dem Juni 2018 gouf gesot, dass d'CNS an d'Fapsylux am Januar 2018 ugefaangen hätten iwwert eng Conventioun ze negociéieren. Wisou sinn des Gespréicher eréischt méi wéi zwee Joer nodeems d'Gesetz vum 14. Juli 2015 gestëmmt gouf, ugefaangen ginn?*

Déi Gespréicher konnten net éischter ugefaange gi well et keng Associatioun gouf déi Psychotherapeute representéiert huet. D'Fapsylux gouf eréischt den 2. Februar 2017 gegrënnt. Den Artikel 62, Alinea 1 vum Code de la sécurité sociale gesäit Folgendes fir:

*« Les conventions sont conclues par la Caisse nationale de santé et par les groupements professionnels possédant la qualité et ayant un caractère suffisamment représentatif. La*

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. (+352) 247-76320
Fax (+352) 247-86328
mss@mss.etat.lu
www.mss.public.lu
www.gouvernement.lu

*représentativité des groupements professionnels s'apprécie au niveau de la profession en fonction des effectifs, de l'expérience et de l'ancienneté du groupement. »*

*3. Bis wéini ass mat deem an der Äntwert ob d'Fro vum Här Deputéierten Baum genannten Reglement ze rechnen?*

Dee Reglement ass am Moment am Gaangen ausgeschafft ze ginn a soll Ufank vum 2. Semester 2019 an de Regierungsrot goen.

*4. Bis wéini wäerten d'Patiente spéitstens nach waarde mussen, bis si d'Käschte fir hier Therapiesëtzunge vun der Krankekees rembourséiert wäerte kréien?*

Esoubal wéi d'Reglement, dat déi obligatoresch Dispositioune vun der Konventioun festleet publizéiert gëtt, gëtt d'Nomenclature vun den Akten ausgeschafft an den Tarif vum Remboursement an de Statute vun der Gesondheetskees festgeluecht. Ab dem Moment kënnen déi Akten, déi virgesi sinn, rembourséiert ginn.